# ZESUMMEN AKTIV
# AN DER GEMENG

Entdeck d'Villsäitegkeet vun eisem Veräinsliewen




Zesumme liewen
GEMENGEPAKT

GEMENG USELDENG

Léif Biergerinnen a Bierger,
léif nei Matbiergerinnen a Matbierger,

D'Gemeng Useldeng mat hire véier charmanten Dierfer (Useldeng, Iewerleng, Rippweiler a Schandel) huet vill ze bidden: fir Leit vun all Alter, fir eis Awunner*innen esou wéi fir Gäscht vun ausserhalb eiser Gemeng.
Eis Gemenge-Kommissiounen an dynamesch Veräiner gestalten d'Liewen an eiser Gemeng aktiv mat. Si bidden eng grouss Auswiel un Aktivitéiten, wäertvoll Begéinungen a nëtzlech Servicer fir Jonk a manner Jonk.
An dëser Broschür fann Dir en Iwwerbléck iwwer all eis Veräiner. Loosst Iech inspiréieren an entdeckt nei Méiglechkeeten, fir matzemaachen, aktiv ze bleiwen oder einfach flott Momenter an der Gemeinschaft ze erliewen.

Initiativ vun der Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen Useldeng
2025

Zësumme liewen
GEMENGEPAKT

# Virwuert



Eis Gemeng lieft vun de Mënschen, déi hei doheem sinn – vun hirem Engagement, hirem Asaz an hirem Wëllen eist Zesummeliewen aktiv ze gestalten. Dës Broschür vun eiser Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewe wëll Iech en Abléck ginn an déi grouss Villfalt vun eisem Kommissiouns- a Veräinsliewen: sportlech, kulturell, historesch, nohalteg, sozial an interkulturell.

Veräiner si Plazen, wou Leit sech begéinen. Si verbanne Generatiounen, si schafen Zesummenhalt a maachen d'Dieren op fir jiddereen, deen nei bei eis kënnt. Besonnesch an eiser Zäit, wou Diversitéit zum Alldag gehéiert, si Veräiner d'Häerzstéck vun engem liewege Matenee. Hei gi Kontakter geknäppt, Fréndschafte geschloss a Brécke gebaut – iwwert Hierkonft, Sprooch a Kultur ewech. Eis Gemeng versteet sech als modern, dynamesch an op. Dat spigelt sech an de Leit erëm, déi sech mat vill Häerzblutt a verschiddenste Beräicher fräiwëlleg asetzen an esou dozou bäidroen, datt eise Liewensraum eng Plaz ass, wou all Mënsch wëllkomm ass a kann deelhuelen.

Ech invitéieren Iech häerzlech, d'Offere kennen ze léieren a matzemaachen – Dir all drot dozou bäi, datt eis Gemeng faarweg, staark a fit fir d'Zukunft bleift.
E grousse Merci geet un all Veräin a Kommissioun, un all Initiativ an un all Eenzelnen, dee mat Passioun a Solidaritéit dozou bäidréit, datt mir zesummen e Matenee gestalten, op dat mir houfreg kënne sinn.

**Christiane Harpes**

Gemengeconseillère
a Presidentin vun der Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen

# Virwuert



Eis Gemeng huet sech zënter de leschte Walen nach besser opgestallt an dozou gehéiert och eis Kommissioun vum Zesummeliewen, déi zousätzlich ganz aktiv am Kanton ass a souguer duerch d'Presidentin Christiane Harpes - als Vertriederin vum Conseil supérieur national- och um Landesniveau op deem Gebidd matschwätzt.

Et freet mech besonnesch dass déi Responsabel vun döser Kommissioun dës flott Broschür eraus ginn hunn, fir dass all d'Veräiner an eis Kommissiounen hir Aktivitéiten eisen Awunner/innen méi no kënne bréngen!

An et ass bekannt, dass mir all neie Bierger/Inn gären an eise Reien ophuelen an dass et fir eis ëmmer rëm eng grouss Éier ass, jiddwereen häerzlech Wëllkomm ze heeschen!

Eng gelongen Integratioun ass den A an O fir e friddlecht Zesummeliewen an duerfir läit eis d'Wuelbefanne vun alle Leit aus der Gemeng ganz uewen.

Mir sinn eng modern Gemeng mat enger grousser historescher Vergaangenheet an op Schratt an Tratt fann dir wonnerbar restauréiert Gebaier, déi Zäitzeie vun eiser laanger Geschicht sinn.
Mir hunn nit vun ongeféier eis de Slogan ginn, „Useldeng - d'Gemeng vum Zesummeliewen" an dee Saz aleng spigelt schonn eis Absicht erëm, dass d'Integratioun bei eis ee ganz grousse Stellewäert huet.

Eis vill Veräiner an eis Kommissiounen, déi hei virgestallt ginn, maachen d'Dier grouss op fir all nei Bierger/innen déi sech bei eis nidderloossen; si sinn alleguer ganz aktiv a bidde souwuel um kulturelle wéi sportlechem oder gesellegem Plang all Méiglechkeete fir dass jiddwer Eenzelnen sech selwer kann abréngen an sech senge Mëttelen no sou richtig kann entfalen...

Useldeng kann sech ouni Zweifel als attraktiven an zäitgeméisse Liewensmëttelpunkt weise loossen an huet an der Läscht vill wäertvoll Auszeechnunge kritt, nationaler an och internationaler!
Bei eis geet et nach familiär zou, hei ass nach Villes authentisch an eng generatiouneniwwergräifend Toleranz verbonne mat engem festen Zesummenhalt hëllefen déi Ambiance ze schaafen, déi een nit iwwerall fënnt.
Et wier also schued, einfach sou Säit a Säit ze liewen ouni de Versuch ze maachen, seng Nopere kennen ze léieren an eng echt aktiv Gemeinschaft ze bilden.

An et ass och gewosst, dass dat gutt Zesummeliewen ee partizipative Prozess ass, dass dat nit vum selwen geet an heiansdo seng Zäit brauch, mee jiddwereen dee bei eis lieft, schafft a sech niddergelooss huet, ass opgeruff am Sënn vum géigesäitege Respekt, vun der Toleranz an der Solidaritéit dat soziaalt Zesummeliewe weider ze fërderen an de Kampf géint all Form vu Rassismus an Diskriminatioun ze ënnerbannen.
Eent harmonischt Zesummeliewen ass ouni Zweifel de Garant vun echtem Wuelbefannen an Zefriddenheet.

Kommt, mir paken alleguer mat un!

**Pollo Bodem**

Buergermeeschter vun der Gemeng Useldeng
a Responsabele vum Service *Vivre ensemble* fir de Kanton Réiden

GEMENG USELDENG

# Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen

D'Kommissioun fir interkulturellt Zesummeliewe versteet sech als eng Bréck tëschent alle Leit, déi an eiser Gemeng liewen. Mir wëlle Geleeënheeten a Begéignungspunkte schafen, wou Austausch a Matenee méiglech ginn – tëschent verschiddene Kulturen, tëschent Generatiounen, awer och tëschent deene Leit, déi schonn zënter laangem hei doheem sinn, an deene, déi nei an eis Gemeng kommen.

Am Kader vum Kannersummer vum Kanton Réiden hu mir 2 Editioune vum Castle-Fun zu Useldeng organiséiert. Spaass op der Buerg an dat intergenerationellt Zesummekommen, wou ee matenee flott Momenter erliewe kann a gemeinsam d'Duerfliewe beräichert, ass eis dobäi besonnesch wichteg.

Eis Prioritéit ass Plazen a Momenter ze schafen, wou Respekt, Offenheet a géigesäiteg Wäertschätzung erlieft kënne ginn. Mir wëllen, datt all Biergerin a Bierger, onofhängeg vun Hierkonft oder Sprooch, sech wëllkomm fillen. E wichtege Punkt ass fir eis och, nei Awunnerinnen an Awunner häerzlech ze begréissen a si beim Ukommen ze ënnerstëtzen.

An eiser Brochure stelle mir d'Kommissiounen an d'Veräiner an de Fokus – Aktiv an der Gemeng Useldeng – Komm laanscht a maach mat. De fräiwëllegen Engagement an d'aktiivt Abanne vun all Eenzelnen steet fir eis am Vierdergrond. All Mënsch ass häerzlech agelueden, sech mat Zäit an Energie anzebréngen an esou d'Zesummeliewen aktiv matzegestalten.

Mir invitéiere jiddereen, seng Iddien, Virschléi an Erfarunge mat eis ze deelen. Nëmmen sou kënne mir zesummen e liewegt, oppent a respektvollt Zesummeliewen an eiser Gemeng gestalten.





Biergerpakt
Gemeng Useldeng

Zësumme liewen
GEMENGEPAKT




**Kontakt**

vivre.ensemble@useldeng.lu

# Ëmwelt-, Verkéiers- a Gemengeweeërkommissioun

D‘Gemengeberodungskommissioune spillen eng wichteg Roll fir sécherzestellen, datt d'Bierger mat am politesche Liewe vun der Gemeng involvéiert sinn. Déi berodend Gemengekommissiounen si verantwortlech fir Empfeelungen un d'Gemengenautoritéiten ze maachen a Positiounen zu Theemen an hirem jeeweilegen Interventiounsberäich anzehuelen. Den Avis vun der Kommissioun ass ëmmer just berodend.

Bei der Ëmwelt-, Verkéiers- a Gemengeweeërkommissioun leien dës Recommandatiounen also an deenen dräi opgezielte Beräicher. Aktuell huet eis Kommissioun eppes méi wéi 20 Memberen. Bei de Kommissioune mussen d’Membere vum Gemengerot am Ufank vun der Legislaturperiod approuvéiert ginn.

D’Aktivitéite vun den zwee leschte Jore waren d’Organisatioun vum Dag vum Bam, d’Organisatioun vun der grousser Botz an der Gemeng an och nach Recommandatioune wéi eng Gemengeweeër sollen am lafende Joer an d’Rei gesat ginn.

Am Laf vun deenen zwee Joer ass och eng Bestandsopnam an de 4 Dierfer vun eiser Gemeng gemaach ginn, fir erauszefannen, wat am Beräich vun der Verkéierssécherheet oder an der Biodiversitéit verbessert ka ginn.

**Kontakt**

environnement@useldeng.lu


CENTRE CULTUREL




Gemeng Useldeng
Gemeng Useldeng

# Jugend-, Sport- a Familljekommissioun

D'Jugend-, Sport- a Familljekommissioun setzt sech dofir an, d'Liewen an eiser Gemeng nach méi lieweg, familiär a no ze gestalten.

Mat Aktivitéiten a Projete fir Kleng a Grouss wéi z. B. dem Zirkusevent mam Marc Strasser alias Jonn Happy oder dem Konter-a-Matt-Turnéier triede mir aktiv op. Arctec ass och ee Projet vun eis, wou d'Kanner zesumme bastelen a mole fir dass d'Welt fir d'Kanner méi faarweg gëtt. Mir schaffe grad un der Grënnung vun engem Kanner-Jugend-Lab wou mir zesumme mat Kanner Iddie fir eis Gemeng sammelen an och fir spannend Projeten ze entwéckelen.

Wann dir Iddien hutt da kënnt dir un eis untrieden an eis kontaktéieren. Looss eis d'Gemeng zesumme gestalten!



© Charles Reiser

**Kontakt**

jsfk@useldeng.lu

# Schoulkommissioun

D'Schoulkommissioun bekëmmert sech an Zesummenaarbecht mat all de Bedeelegte vum Terrain (Elteren, Politik, Schoulcomité) em alles wat d'Schoul betrëfft.

Si gëtt all Joer hiren Avis zur Schoulorganisatioun of, deen obligatoresch muss virleie wann de Gemengerot iwwert d'Schoul-organisatioun ofstëmmt.
Si ass eng consultativ Kommissioun an huet laut Artikel 50 vum Schoulgesetz vum 6. Februar 2009 verschidden Aufgaben.
Si setzt sech e.a. zesummen aus engem President, wat normalerweis de Buergermeeschter ass, Memberen aus dem Gemengerot, Membere vum Schoulpersonal an Elterevertrieder.

No all Gemengewal gëtt d'Kommissioun nei besat.
Fir eventuell weider Froen, kënnt Dir gären eng Mail schreiwen.



**Kontakt**

secretariat@useldeng.lu

# APECU – Association des parents d'élèves de la commune d'Useldange

ZESUMME FIR EIS KANNER!

D'APECU ass d'Elterevereenegung aus der Gemeng Useldeng.
Mir si motivéiert Elteren, déi sech fir eng lieweg, faarweg a positiv Schoulzäit fir all Kand an der Gemeng engagéieren. Mat prakteschen Aktivitéiten, gudden Iddien an engem staarken Zesummenhalt droe mir dozou bäi, d'Verbindung tëschent Elteren, Schoul, Gemeng a Kanner ze stäerken.

*Wat maache mir?*



Mir organiséieren an ënnerstëtze villfälteg Aktivitéiten a Projete wärend dem Schouljoer, dorënner:

- Workshops (z. B. Bee Secure)
- Bildungs- a Wëssensprojeten (z.B. Science Bus)
- Ofschlosskaddo fir d'Schüler aus dem C4.2 als Erënnerung un hir Schoulzäit
- Schoulfest: Sprangschlass, Catering, Spiller
- Stand um Chrëschtmaart
- Ënnerstëtzung bei Schoul-Events duerch Kuch- a Gedrénksverkaf

*Firwat matmaachen?*

Zesumme kënne mir als Elteren e positiven Impakt op d'Schoulgemeinschaft a virun allem op d'Kanner hannerloossen. Et geet net dorëms, vill Zäit ze hunn, mee dorëms, bereet ze sinn, sech punktuell anzebréngen, wann et geet. All Engagement, sou kleng et och schéngt, zielt a mécht en Ënnerscheed.

*Wéi kann een dobäi sinn?*

- Als aktive Member,  matschaffen, Iddien abréngen, u Versammlungen deelhuelen

- Als Hëllef no Besoin z. B. ee Kuch baken oder bei engem Event 1-2 Stonnen hëllefen

- Mat enger Memberskaart (5 €/Famill) fir eis Aktivitéiten ze ënnerstëtzen

Mir freeën eis op nei Gesiichter a motivéiert Elteren, déi bereet sinn, zesumme mat eis d'Schoulzäit fir eis Kanner aktiv matzegestalten.

Zesummen erreeche mir méi, fir eis Kanner, fir d'Schoul a fir eis Gemeng.

**APECU** – Elteren engagéieren sech!



**Kontakt**

apecu@useldeng.lu

Apecu Useldeng

# Cercle Luxembourgeois de Vol à Voile

De Lëtzebuerger Seegelfligerveräin (CLVV) bedreift zanter méi wéi 50 Joer de Sport vum Seegelfluch zu Lëtzebuerg an an der Ëmgéigend.

De Club huet säin Doheem um Fluchfeld zu Useldeng an zielt ongeféier 50 aktiv Piloten.

Hien ass Besëtzer vu verschiddene Seegelfligeren a Motor-seegelfligeren, déi hie senge Membere fir d'Ausbildung a fir den Training als Fräizäit- an/oder Kompetitiounssport zur Verfügung stellt.

All Forme vum Seegelfluch ginn zu Useldeng praktizéiert: Seegelfliger, Motorseegelfliger an Touring-Motorseegelfliger. D'Ofhiewe geschitt mam Seelzuch, autonom oder duerch Fliger-Schleefen.

All Interesséiert un dësem faszinéierende Loftsport si wëllkomm, eis zu Useldeng ze besichen – entweder fir sech iwwer eis Aktivitéiten z'informéieren oder fir dës Erfarung iwwer e Ronnflug selwer ze erliewen.



© Lecuit







CLVV USELDANGE

**Kontakt**

www.clvv.lu

contact@clvv.lu

Cercle Luxembourgeois de Vol à Voile

# Chorale Ste Cécile

Mat insgesamt 26 Sängerinnen a Sänger ass d'Chorale Ste Cécile aus der Useldenger Gemeng eng vun de grousse Chorale an eisem Kanton. Ënnert der Leedung vum Dirigent Fernand Even léisst sech dat stëmmlecht Resultat duerchaus weisen. Eis Chorale séngt net nëmmen an de Massen an eiser Gemeng, et ginn och ëmmer erëm Concerte mat weltlechem Programm gesongen, wéi beispillsweis de Mammensdagsconcert fir eise Gaart an Heem.

Et ass eiser Chorale wichteg, dass de Mateneen an eiser Gemeinschaft net ze kuerz kënnt. Op dat elo de gemeinsame Patt no der Prouf, d'Meefeier an aner Feierlechkeeten oder ee gemeinsamen Ausflug sinn, dee gemittlechen a wäertschätzende Mateneen huet schonn eng grouss Plaz bei eis.



Mir sichen natierlech och ëmmer erëm nei Memberen. Sollt dir also Loscht um Sangen an engem Kierchechouer hunn, an eng Stëmm, déi an de Sopran, Alt, Tenor oder Bass passt, da sidd der richteg bei eis. An et ass versprach, dir musst bei eis net duerch eng Castingshow.




**Kontakt**

Fernand Even (Dirigent)
evenfern@pt.lu

Raoul Schaaf (President)
schaafr@pt.lu

# Chorale Ste Cécile Rippweiler

D'Chorale Ste Cécile vu Rippweiler gouf am Joer 1964 gegrënnt (säit 1907 war am Duerf schonn e Männerchouer) a steet zënterhier fir Freed, Gemeinschaft a virun allem fir d'Passioun vum Gesank. Wat eis verbënnt, ass net nëmmen d'Léift fir d'Musek, mee och d'Zesummekommen an déi vill schéi Momenter, déi mir zesummen erliewen.

Säit Joren ass d'Chorale e feste Bestanddeel vum Duerfliewen. De gemeinsame Gesank ass ëmmer mat vill Freed, Häerz an Engagement verbonnen, a gläichzäiteg ass et d'Méiglechkeet, Frëndschaften ze verdéiwen an nei Bekanntschaften ze maachen. Nieft de musikaleschen Aktivitéiten hat och d'Kaffisstuff, déi all Joer am Duerf organiséiert gouf, seng fest an onvergiesslech Platz am Kalenner. Hei war ëmmer Raum fir Gespréicher, zesummen ze laachen an d'Duerfgemeinschaft ze stäerken.

Vill vun eise Memberen engagéieren sech och nach an anere Gesanksveräiner (Gemeng Useldeng a Biekerech). Dëst ënnersträicht d'grouss Verbonnenheet an d'Freed un der Musek, déi iwwert d'Grenze vum eegene Veräin erausgeet.

D'Chorale Ste Cécile Rippweiler bleift domat e Symbol fir Zesummenhalt, Traditioun an d'Freed um Sangen – Wäerter, déi och haut nach genee esou wichteg sinn ewéi bei der Grënnung vum Veräin.


**Kontakt**

Nicolas Fisch (President)

23 63 00 74


© Christiane Harpes

# Club des Jeunes Useldeng

*Wat ass de Club des Jeunes eigentlech, firwat gëtt et den a wat bréngt et Member ze ginn?*

Déi meescht Memberen aus eisem Veräi wunne säit si kleng sinn an dëser Gemeng. Ouni dëse Club hätte verschiddener vun hinnen ni matenee geschwat oder zesummen eppes ënnerholl well een den Androck hat, dass ee mat deene Léit näischt gemeinsam hat oder e klengen Altersënnerscheed bestanen huet.

Wann een net grad mat deenen an enger Klass war, zesummen un enger Fräizäitaktivitéit deelgeholl huet oder an der selwechter Strooss gewunnt huet, dann hat ee meeschtens kee Kontakt mateneen. An duerch de Club des Jeunes huet een ugefaange mateneen ze schwätzen, sech kennen ze léieren an doduerch si Fréndschaften entstanen.

Egal wéi en Altersënnerscheed een hat, egal wou ee gewunnt huet oder egal a wéi enger Schoul ee war, mir haten eppes gemeinsam: de Spaass um Gemengeliewen deelzehuelen, zesummen ze halen, Fräizäitaktivitéiten ze ënnerhuelen, Fester ze organiséieren an natierlech och zesummen ze feieren.

Zesumme plange mir all Joers den Open Air Useldeng, d'Après-Ski, d'Buergbrennen, de Vëlkerballtournoi an de Kniddelowend.
D'nächst Joer feiere mir eise 55. Gebuertsdag an hunn do scho puer Festlechkeete geplangt. Mir engagéieren eis am Duerfliewen an ënnerhuelen zesumme flott Aktivitéiten.

Du hues méi wéi 15 Joer,
wunns an der Gemeng
Useldeng a wëlls och en Deel
vun der Jugend zu Useldeng
ginn?

Da mell dech bei eis!



**Kontakt**

cdj.useldeng@gmail.com

Club des Jeunes Useldeng

cdj.useldeng





# DT Schandel



Den Dëschtennisveräin DT Schandel gouf am Joer 1970 gegrënnt a kann domat op eng laang a erfollegräich Geschicht zeréckblécken. Säit méi wéi fënnef Joerzéngten ass de Veräin eng fest Säit an der regionaler Dëschtennisszene a begeeschtert Spiller vun allen Altersklasse mat senger oppener a familiärer Atmosphär.

Beim DT Schandel steet de Sport an d'Gemeinschaft am Mëttelpunkt. Egal ob Fräizäit- oder Kompetitiounssportler, oder och jonk Talenter, jidderee fënnt hei d'Méiglechkeet, sech spillend weiderzeentwéckelen an zesummen d'Freed um Dëschtennis ze deelen. De Veräi leet grousse Wäert op eng gutt Jugendaarbecht, fir d'Zukunft vum Sport nohalteg ze sécheren. Dofir schaffe mir och mam DT Groussbus-Mäerzeg zesumme fir méi ubidden ze kënne fir Kleng a Grouss.

Nieft dem reegelméissegen Training a spannende Matcher organiséiere mir och all Joer eis traditionell Christophorusfeier an hëllefen op verschidden Eventer an der Gemeng Useldeng gradewéi am Kanton Réiden, déi d'Veräinsliewe beräicheren an den Zesummenhalt stäerken.

Mat enger Kombinatioun aus Traditioun, Engagement an Teamgeescht steet den DT Schandel weiderhi fir Qualitéit a Freed um Dëschtennis an dat zënter 1970!



**Kontakt**

dt.schandel@gmail.com

Dëschtennis Schandel

D.T. SCHANDEL

# FC Jeunesse Useldange



Den FC Jeunesse Useldange ass e lëtzebuerger Futtballclub, deen zu Useldeng doheem ass. De Veräi gouf den 12. August 1945 gegrënnt, ass mëttlerweil also schonn 80 Joer al.

De Veräi spillt seng Matcher zu Useldeng an huet 2 Foussballterrain'en op 2 verschidden Adressen, déi awer no beienee leien. Den Trainingsterrain an d'Vestiaire sinn an der Rue de la Gare, de groussen Terrain (deen och nach ëmmer de neien Terrain genannt gëtt, obwuel dëse schonn 1993 ageweit gouf) ass an der Rue de Boevange. Am Laf vun dësem Joer ass geplangt, den Trainingsterrain ze erneieren an e syntheetesche Wues ze installéieren, dee fir optimal Trainingskonditioune suerge wäert.
Eise Veräin zielt op den Dag wou des Presentatioun geschriwwe gouf, 405 Memberen.

D'Seniors 1 Equipe vun eisem Veräi spillt säit mëttlerweil 6 Joer an der 1. Divisioun vum FLF Footballchampionnat. Gréisst Succèsen an der rezenter Vergaangenheet waren de Barragematch fir den Opstig an d'Éierepromotioun, dee mir an der Saison 2021/22 erreecht hunn an awer leider géint Bissen verluer hunn an d'Finale vun der Coupe FLF, déi mir dëst Joer gespillt hunn an eis och hei hu misse géint Luerenzweiler geschloe ginn.

D'zweet Equipe vum Veräi spillt säit der Saison 2024/25 an der 2. Klass vun de Reserven. Eis Seniorsequippe spillen ënnert der Responsabilitéit vun eisem Trainerstaff Patrick Grettnich (Cheftrainer), Samir Kalabic, Théo Malget an Hugo Correia.

Nieft den 2 Seniorsequippen am Championnat vun der FLF huet eise Veräin och nach eng Härenequipe an ass a quasi all Kategorië vum Jugendchampionnat vertrueden.

Bekannt ass eise Veräin och duerch d'Organisatioun vum Mëttelalterfest, dat mëttlerweil zënter 18 Joer organiséiert gëtt a vun der Härenequipe vum FC JEUNESSE USELDANGE an d'Liewe geruff gouf. D'Useldenger Mëttelalterfest zielt zu de gréisste Fester an eiser Regioun, dat all Joer Dausende vu Leit op Useldeng zitt, an um Site ronderëm d'Buerg stattfënnt.

Aner bekannte Manifestatioune sinn ënner anerem de Castle Ride, eng Velosrondonnée mat verschiddene Parcours'en, de Jugendcamp an der Päischtvakanz an de Kannerfuesbal.

Wann Dir Interessi huet, Iech eisem Veräin unzeschléissen oder Äert Kand enger Jugendequipe wëllt uschléissen, dann huelt Kontakt mat eis op.

F.C. JEUNESSE USELDANGE

**Kontakt**

www.footballuseldeng.lu

621 471 282 (Jérôme Heirendt)

info@footballuseldeng.lu
jugend@footballuseldeng.lu

FC Jeunesse Useldeng

# Härenekipp vum FC Jeunesse Useldange

D'Härenekipp ass den 2. Februar 1980 gegrënnt ginn an huet als Zil och nach no der Fussball-Carrière sech weiderhi sportlech ze betätegen an ënner Kolleegen nach reegelméisseg um Terrain ze kicke wou awer och den Après-Football net däerf ze kuerz kommen.

Eis Haaptaktivitéiten

- Wéchentlech Frëndschaftsmatcher doheem oder auswäerts an engem gudden Iessen als Ofschloss
- Turnéier zu Useldeng
- All Joer en Ausfluch mat der Härenekipp

Eis gréissten Aktivitéit ass eist Mëttelalterfest am Juni iwwert d'Grenzen eraus bekannt. De ganze Weekend ass Useldeng ronderëm d'Buerg am Ausnamezoustand mat mëttelalterlecher Musek, Artisten a Gauklerei an iwwer 80 Verkafsstänn.

Mir gesinn eis Aufgab awer och doranner net nëmmen eise Mammeveräin, den FC Jeunesse Useldeng ze ënnerstëtzen, mee virun allem och hirer Jugendaarbecht finanziell ënnert d'Äerm ze gräifen; well eis Jugend ass schliisslech d'Zukunft vum Veräin.

**Kontakt**

Luc Hendel

621 711 699

hendelj@pt.lu







# Ferguson Club Lëtzebuerg Asbl

Mir sinn een Oldtimertrakterclub, dee vu 4 Oldtimerfrënn den 13. Mäerz 2014 gegrënnt ginn ass.

De Veräi setzt sech dofir an, dass all déi al Maschinnen an alles wat de Bauer fir seng Aarbecht gebraucht huet, erhale gëtt fir eis Nokommen.

Mir maachen dat fir dass net vergiess gëtt, wéi d'Bauere fréier geschafft a sech geplot hu, fir dass Iessen op den Dësch komm ass.

Mir huelen och gäre méi nei Maschinnen am Veräin op, de Bauer muss haut grad sou schaffe wéi fréier.

Mir hunn 1 grousst Traktersfest den 2. Weekend am September, bannen de Meekranz, grille bei eise Sponsoren an hunn 2 Hobby- a Floumäert am Joer, eis fann dir op villen Treffen am In- an Ausland, ...

Du hues Loscht a bass un Oldtimertrakteren, -maschinnen interesséiert, da kanns du dech gär bei eis mellen.








**Kontakt**

Alice Pepin (Presidentin)
621 757 369

fergi1club@yahoo.com

Ferguson Club Lëtzebuerg

# D'Frënn vum Useldinger Priorat Asbl

Dat erkläerten Zil vun der Asbl « Les Amis du Prieuré d'Useldange », déi de 15. Juli 2020 vun enger Doze Leit gegrënnt gouf, ass den Erhalt vun eisem lokale Patrimoine an d'Opschaffen an d'Erfuerschung vun eiser gemeinsamer Geschicht, déi vun Useldiing, sengen Nopeschdierfer an och senger noer Ëmgéigend.

Leider, wéi mir all Dag gesinn, ginn och d'Dierfer an eiser Gemeng ëmmer méi arem un erhalenswäerter Bausubstanz a verléieren doduerch hir Identitéit, hire Charme a Charakter. D'Associatioun wëll aktiv dozou bäidroen, eisem historeschen Ierwe méi Respekt entgéint ze bréngen a besonnesch eis Jugend fir den architektonische Patrimoine ze sensibiliséieren.

Ganz besonnesch dat alt Useldinger Benediktinerpriorat, deem seng Urspréng op dat zwieleft Joerhonnert zeréckginn, steet bei eiser Asbl am Vierdergrond. Een éischte grousse Succès ass eis scho mat dem Klassement vum menacéierten archeologesche Site vum Priorat am Kader vum neie Gesetz vum 25. Februar 2022 gelongen. Des Weideren hu mir Gehéier bei eisen nationalen Institutioune fonnt, déi präzis Analyse vun den erhalene Gebailechkeete finanzéiert an duerchgefouert hunn. Ganz houfereg si mir awer och dorobber, datt eis Asbl mëttlerweil eng gelleg Ulafstell fir Chercheuren, Studenten, Auteuren an esou munnech aneren Institutioune ginn ass.

Ënnert der Bezeechnung "Aurora" huet d'Asbl virun dräi Joer een interessante Projet am Kader vun engem Postdoktorat an d'Liewe geruff, dee vun der Œuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte, der Fondation Loutsch-Weydert, der Aureus Ars & Scientia asbl, der Gemeng Useldiing, a vu sëllegen Nopeschgemengen ënnerstëtzt gouf. Dës innovativ Recherche, déi weiderhin duerch ee Finanzement vun der INRA ënnerstëtzt gëtt, wäert déi historesch Sitte ronderëm Useldiing an een neit Liicht setzen.

Am Joer 2024 hunn d'Prioratsfrënn dem Jemp Schuster säin Héierspill "Den Hexeprozess vum Katrin Theis zu Uselding" mat groussem Erfolleg op d'Bün bruecht. D'Geschicht vum Katrin Theis sengem Prozess aus dem Joer 1624 gouf esouguer vun den Useldinger Schoulklassen thematiséiert.

Duerch reegelméisseg Konferenzen an Table-rondë, déi mir besichen an awer och selwer organiséieren, versiche mir eise Memberen an de Leit aus der Gemeng d'lokal Geschicht méi nozebréngen, a se fir eiser alleguerte Patrimoine ze sensibiliséieren.

Interessant Publikatiounen erméiglechen et eis, och ee méi breede Public ze erreechen. Eng breetgefächert Ausstellung ass fir an noer Zukunft geplangt. Mir wäerten och künfteg alles drusetzen, fir d'Leit dobausse fir eise Patrimoine an d'Lokalgeschicht ze begeeschteren.


© Georges Majerus

**Kontakt**

www.amisduprieure-useldange.lu

prieuré_useldange@hotmail.com

Siège social:
2a, Haaptstrooss
L-8715 Everling


© Georges Majerus

# Gaart an Heem Useldeng Asbl

De Veräi Gaart an Heem Useldeng (deemools „Amis de la fleur“) ass de 16. Januar 1927 gegrënnt ginn. Vun 1929 un war de Veräin an der Ligue vum "Coin de Terre et du foyer“, wéi et laang genannt ginn ass, a vum Joer 1939 gëtt et eng Brochüre, an där scho vun „Garten und Heim“ oder „Gaart an Heem“geschriwwe gëtt.

Den 22. Mee 2022 hu mir eng Asbl gegrënnt a vun do un huet de Veräin den offiziellen Numm „Gaart an Heem a.s.b.l. Gemeng Useldeng“.

Eis Membere kommen net nëmmen aus der Gemeng, mee och Leit ausserhalb vun der Gemeng si Member am Veräin. De Moment hu mir 188 Memberen, a mir freeën eis iwwert all neie Member.

Eis fest Aktivitéiten am Laf vum Joer sinn d’Generalversammlung mat Mammendagsfeier, Niklosfeier mat de Kanner an eng Dagesrees fir eis Memberen. Op Nofro hate mir scho Bamschnëttcoursen zesumme mat der Ligue organiséiert, oder wéi an dësem Joer eng Kraiderwanderung mat enger Wëllplanzepädagogin. All nei Iddi ass häerzlech wëllkomm.

All Member aus dem Veräin ass abonéiert op een Täschebuch an eng Zäitschrëft, déi 4 Mol am Joer verschéckt gëtt.

Am Veräin hu mir eng Gaardefräs an e Vertikutéierer, déi de Memberen zur Verfügung gestallt ginn.







**Kontakt**

Anni Linster - Rasqué (Presidentin)
621 522 546

Léa Barthelemy (Sekretärin)
621 461 433

# HALTO a.s.b.l.



HALTO - Ënnerstëtzungsnetzwierk fir Elteren a Familljen

HALTO ass eng Initiativ, déi en Ënnerstëtzungsnetzwierk opbaue wëll, vu Betraffene fir Betraffener.
Mir riichten eis un Elteren a Familljen, déi eng Persoun mat enger Behënnerung, mat spezielle Besoinen oder mat enger chronescher Krankheet begleeden, onofhängeg vun der Diagnos.
Eist Zil ass et, Plaze fir Austausch, Orientéierung an Ënnerstëtzung ze schafen: op Aenhéicht, oppen an ouni Virurteeler.

Mat eisen ënnerschiddlechen Aktivitéite wëlle mir:

- eng Plaz bidden, wou Erfarunge fräi gedeelt kënne ginn
- den Zougang zu Informatiounen a bestoende Ressourcen zu Lëtzebuerg méi einfach maachen
- Familljen am Alldag an op hirem Wee ënnerstëtzen
- hëllefen, datt Elteren a Familljen sech manner eleng fillen

HALTO bitt ënner anerem:

- Austausch-Treffen tëscht Elteren a Familljen (CareMeet)
  eng Plattform fir Erfarungen a Ressourcen ze deelen (CareShare)
- Begleedung an Orientéierung bei verschiddene Schrëtt (CareSupport)
- op méi laang Siicht punktuell Méiglechkeete fir Entlaaschtung (CareBreak)

Eis Approche baséiert op enger einfacher Iddi:
Keen soll eleng droen, wat zesumme méi liicht gëtt.




**Kontakt**

621 243 103

www.halto.lu

info@halto.lu

# Harmonie Useldeng




Eis Museksgesellschaft zielt iwwer 60 aktiv Musikanten, ëm 25 Kanner- a Jugendmuseker an enger Hëllefsequipe ëm 15 Persoune wou eis net musikalesch mee eis bei all anerem kräfteg ënnerstëtzen.
Iwwer all Nowuess am Veräi freeë mir eis.

Nieft eise reegelméissegen Dënschdeg Owend Prouwen hu mir am Joer 2 Haaptconcerten, de Wanterconcert am Dezember an de Gala Concert am Mee. Des Weideren hu mir nach 5 Kiermesse wou mir Hämmelsmarsch spille ginn, en Ouschter- a Chrëschtmaart a villes méi.

De Kanner- a Jugendensembel huet mëttwochs oder samschdes ofwiesend Prouf. Si ënnerhuele wärend dem Joer och verschidde flott Aktivitéiten.

Wann Dir nach Froen zu eisem Veräin hutt, kënnt Dir Iech gär bei eis mellen.




## Kontakt

Georges Boudler (President)
691 535 610

Karin Pick (Sekretärin)
621 703 541
karin.pick@harmonie-useldeng.lu

info@harmonieuseldeng.lu

Harmonie Useldeng

# Iewerlenger Bréckestäiler Asbl



*Léiwen neien an alen Awunner aus der Gemeng Useldeng,*

Erlaabt eis, dass mir eis kuerz virstellen: Mir sinn d'Iewerlenger Bréckestäiler, kuerz IBS genannt, an eis gëtt et säit 2022. Wéi eisen Numm et verréit, si mir en Iewerlenger Clibbchen, deen sech aus engem Grapp voll Leit zesummesetzt fir eisem Dierfchen e bësse Liewen anzehauchen. Natierlech ziele mir och nach eng ganz Rei motivéiert Mataarbechter an eise Reien, ouni déi mir eis Festercher sécherlech ni ofhale kéinten.

Eise klenge Bistro an der aler Iewerlenger Schoul um éischte Stack ass sécherlech d'Häerzstéck vum Veräin. Aus engem einfache Klassesall hu mir hei e flotte conviviale Bistro ageriicht, an deem mir voller Freed all éischte Sonndeg am Mount ab hallwer 11 en Apéro fir kontaktfreedeg Awunner zerwéieren. A wann een ufanks duecht et wiere just Iewerlenger Leit präsent, sou erfreet sech eise Bistro entretemps dach enger ganzer Rei Gäscht aus allen Dierfer aus der Gemeng a souguer iwwert d'Grenze vun dëser eraus.

Well een awer bekanntlech net nëmmen an der Wiertschaft soll hänken, engagéiere mir eis och all Joers um Chrëschtdag op der Buerg, wou mir Flammlachs um oppene Feier maachen, souwéi all Joers eng aner Spezialitéit. Sief et Champignonen, eng Zëppchen oder soss eppes wat dem Läif bei killen Temperature gutt bekënnt. E Grill, Gedrénks a Marshmallows fir d'Kanner hu mir selbstverständlech och op der Plaz.

Fir dem Wanter dann iergendwann nees lass ze ginn, hu mir eis dann dozou entschloss um Buergsonndeg nees e Buergbrennen zu Iewerleng ze organiséieren. A well een als Veräin ëmmer nom Noper soll kucken, an et bei eis an der Gemeng schonn eng Rei Buergbrenne ginn, hu mir eis dozou entscheet e "Kannerbuergbrennen" op d'Been ze stellen, bei dem d'Kanner mëttes ab dräi hier Fakel selwer baue kënnen, des dono um Fakelzuch mathuelen an se da géint hallwer 6 bei d'Buerg leeë fir des unzefänken. Da gëtt nach eppes Klenges giess, doheem geduscht an zack an d'Bett, well den Dag drop ass Schoul. Eiser een huet dann och mat Zäiten agepak a kann sech nach op Useldeng bei de Club des Jeunes deplacéieren, fir op hirem Buergbrennen den Owend a gudder Gesellschaft auskléngen ze loossen.
Eng véier bis fënnef Sonndesaperoen an eisem Bistro drop hu mir dann endlech Summer, wou mir de Samschdeg virum 15. Juli eisen Duck Race zu Iewerleng an der Atert ofhalen. Dëst ass eng Intecourse mat wäit iwwer 1000 Inte wou et flott Präisser ze wanne gëtt. En plus ass et en Dag dee ganz am Zeeche vun de Kanner steet, a wou d'Eltere getrouscht kënnen zesumme poteren, an hier Kanner sech um ofgespaarte Site an der Sandkaul, um Sprangschlass um Bobby Car Parcours asw. defouléiere kënnen.
Kuerzem, d'Iewerlenger Bréckestäiler sinn e Veräin, deen sech fir d'Wuel vun eis all asetzt, dat well et eis Freed bereet a wëll mir d'Leit verbanne wëllen.

Zéckt deemno net, a kuckt bei eis eran.
Dir sidd all wëllkomm!

Aër Iewerlenger Bréckestäiler

**Kontakt**

iewerlengerbs@gmail.com

IBS- Iewerlenger Bréckestäiler

# Indiaca Nethoppers Useldeng

Indiaca ass een Team-Sport, dee wéi Volleyball gespillt gëtt, mat just puer klengen Ënnerscheeder. Mir spillen net mat engem Ball, mee mat enger Indiaca-Fieder, engem 25 cm grousse Fiederball, dee mat der flaacher Hand geschloe gëtt. Et sti pro Equipe jeeweils 5 Spiller/innen um Terrain, deen och mi kleng ass wéi am Volleyball.

Aktuell ginn et 5 Veräiner am Land. Den Indiaca Nethoppers Useldeng ass 2004 gegrënnt ginn a säitdeem bedeelege mir eis aktiv um Championnat a spillen och an der Coupe mat. Mir si souwuel mat den Dammen, wéi den Hären an der Mixte vertrueden. Et sinn och well Useldenger Spiller op der WM dobäi gewiescht an dëst Joer si mer mat 6 Spiller/innen an 3 Coach'en op der 7ter WM an Estland vertrueden.

Eisen Training fënnt mëttwochs owes vun 20 bis 22 Auer statt, an dëst ab Mëtt September bis Mëtt Juli.

Jiddereen ass wëllkomm eise flotte Sport ausprobéieren ze kommen.



**Kontakt**

Ben Krumlovsky
621 486 727
ben.krumlovsky@gmail.com

Tania Theis-Hubert
621 774 870
tania.theis@education.lu

Indiaca Nethoppers Useldeng

# Kierch am Duerf Gemeng Useldeng Asbl

No der Trennung vu Kierch a Stad an der Zesummeleeë vun de Paren ass eise Veräin 2016 gegrënnt ginn. Et war eis wichteg, eng Antenn am Duerf, an der Gemeng ze hunn, no bei de Leit. Sou hu mir eis virgeholl, ze hëllefen de reliéise Patrimoine aus eiser Gemeng ze schützen a mat Liewen ze fëllen, déi chrëschtlech a sozial Wäerter an eiser Gesellschaft héich ze hale bei Kanner, Jugendlechen an Erwuessenen, Momenter vu Gebiet a Begéinung ze organiséieren, Dialog ze siche mat de verschiddene Reliounen a Partner aus der ziviller Gesellschaft, Aktivitéiten ze organiséiere fir Traditiounen a liturgesch Feiere bäizebehalen, Solidaritéitsaktiounen ze organiséieren.

De Respekt vum Mënsch, sengen Usiichten an Traditioune sinn eis wichteg. An déi chrëschtlech a sozial Wäerter fir déi mir asti sollen och eng zäitgeméiss an zukunftsfäeg Plattform kréien. Mir si fir oppen Diskussiounen, wou ënnerschiddlech Meenunge respektéiert ginn, well dat an eiser Gesellschaft sou wichteg ass.

Eis Haaptaktivitéiten :

- Familljefest
- Konferenzen a Soiréeën zu gesellschaftlech, sozialen a reliéisen Themen
- Kanner- a Jugendaarbecht
- Sporadesch Solidaritéitsaktioune fir Leit am Besoin
- Stärentour bei d'Rippweiler Grott de 15.8.
- Rousekranzgebiet am Oktober

Mir géifen eis freeën iwwer all Iddien, Suggestiounen, nei Memberen, déi mat eis an dës Richtung schaffen. Mellt Iech och, wann Dir just wëllt Invitatioune vun eisen Aktivitéite geschéckt kréien.

Kierch am Duerf
Gemeng Useldeng asbl






**Kontakt**

www.kad.lu

Marianne Harpes (Presidentin)

691 494 728

marianne.harpes@gmail.com

# Kultur- a Buergfrënn Useldeng Asbl

D'Asbl Kultur- a Buergfrënn Useldeng, déi 2011 nach ënnert dem Numm „Buergfrënn Useldeng“ gegrënnt gouf, trëtt haut, no der Fusioun mat der Kulturkommissioun vun der Gemeng am Joer 2016 als “Kultur a Buergfrënn Useldeng Asbl” op.

Am Joer 2024 gouf de Syndicat d'Initiative an d'Struktur vun der Asbl opgeholl, wat mat sech bruecht huet, dass och d'Aufgaben an d'Funktionalitéiten, déi bis dohi vum Syndikat gedroe goufen, elo an d'Aufgabefeld vun der Kultur- a Buergfrënn Useldeng gefall sinn. D'Asbl féiert dës Aufgaben am selwechte Geescht weider a wäert och an Zukunft Evenementer wéi d'Ovatioun vun de Neigewielten organiséieren.

2025 gouf och de Comité du Souvenir an d'Struktur vun der Kultur- a Buergfrënn Useldeng integréiert. D'Associatioun setzt sech zanterdeem mat dofir an, dass un den Zweete Weltkrich erënnert gëtt a dass dëst Kapitel vun eiser Geschicht net a Vergiessenheet geréit.
D'Haaptintentioun vun der Associatioun läit doran, de geschichtlechen a kulturelle Patrimoine vun Useldeng ze erhalen an ze promovéieren.

Niewent der Animatioun an der Vermaartung vun der Useldenger Buerg, gehéiert d'Gestioun an d'Promotioun vun der “ManuKultura” zu den Haaptaktivitéite vun der Asbl. An der ManuKultura gi vill flott Coursen a kulturell Aktivitéiten ofgehalen, vu Keramik-Workshoppen iwwert Mol- an Danz-Coursë bis hin zu Blues-Owender an Theatervirstellungen.


**Kontakt**

23 63 00 51 29

buerg@useldeng.lu
manukultura@useldeng.lu

Château d'Useldange
ManuKultura

De Programm gëtt dräimol am Joer nei zesummegestallt, fir ofwiesslungsräich a qualitativ héichwäertegt Offere kënnen unzebidden, dee Grouss a Kleng begeeschtert.

D'Kultur- a Buergfrënn organiséieren zesumme mat der Gemeng wichteg lokal Festivitéiten, dorënner d'Volleksfest op Nationalfeierdag a net ze vergiessen de Chrëschtmaart op der Buerg, deen all Joer ëmmer méi Visiteuren unzitt.

Wëlls du Member ginn oder einfach just ee Cours bei eis an der ManuKultura ubidden?
Da mell dech bei eis!








Kultur a Buergfrënn
Useldeng a.s.b.l.

BUERG
USELDENG

MANUKULTURA

# Natur & Ëmwelt Asbl





D'Natur&Ëmwelt Sektioun Kanton Réiden ass am Joer 1985, ënnert dem Numm Natur-a Vulleschutz, gegrënnt ginn. Si ass eng vun de Sektiounen aus dem Land mat deene meeschte Memberen.

D'Aktivitéite vun der Sektioun sinn:

- Ubidde vun Naturwanderungen z.B. mam „ Grénge Mann duerch de Bësch"

- Ubidde vun Aktivitéiten an Zesummenaarbecht mat der „Centrale Ornithologique", wéi d'Beobachte vun de Leeëndecker (Mauerseegler) op der Buerg zu Useldeng oder Vullezuch op der Säller Héicht

- Organiséiere vun Uebstbaamschnëttcoursen a Baamplanzaktiounen

- Bastelen, Ophänken a Fleege vun Nistkëschten

- Ausschaffe vun Artikelen zum Arteschutz an zur Ëmwelt fir an d'Gemengenzeitungen

- Sensibiliséierung fir d'Benotze vu Recyclingspabeier, besonnesch an de Gemengen an an de Schoulen aus dem Réidener Kanton

- Ausstellung a Verkaf vu Bicher iwwert Déieren a Planzen um Kropemannsfest zu Réiden

- Deelhuelen um Chrëschtmaart zu Useldeng

D'Generalversammlung vun der Sektioun gëtt all Joer an enger anerer Gemeng aus dem Kanton ofgehalen. Bei dëser Geleeënheet bitt d'Sektioun der jeeweileger Gemeng un een Naturprojet ze realiséieren, un deem si sech un der Finanzéierung bedeelegt. Esou konnte scho verschidde flott Projete realiséiert ginn.
De Veräin ass och Member vum « Comité de Pilotage Natura 2000 Atert-Waarkdall ».

natur&ëmwelt

**Kontakt**

Romain Kleer (President)

621 758 581

rkleer@pt.lu

# Pompjeesfrënn Useldeng Asbl

Den CISUS, Centre d'Incendie et de Secours Useldeng, ass ee vun 100 CIS'en aus dem Lëtzebuerger Land an integrale Bestanddeel vum CGDIS, dem Corps Grand-Ducal d'Incendie et de Secours.
Den CISUS, ënnert der Leedung vum Claude Kaufmann, assuréiert den operationelle Volet vum Pompjees a Rettungswiesen an der Gemeng Useldeng.

Zu den "Spezialaufgaben" vum CISUS gehéiert, niewent dem Dekontaminatiounsmodul an den Transport vun dekontaminéieren Asazmaterial, och ee Wasserférderungsmodul.
De kulturellen a sozialen Deel gëtt vun der Amicale, bekannt ënnert dem Numm Pompjeesfrënn Gemeng Useldeng Asbl garantéiert. Mir suerge fir d'Veräinsliewen am CIS (Fester, Ausflich, Catering no der Übung), organiséieren d'Buergbrennen zu Schandel, hunn eise Stand um Chrëschtdag op der Buerg, asw...




Pompjeesfrënn
Gemeng Useldeng a.s.b.l.





Ee ganz wichtegen Aspekt ass d'Jugendaarbecht. Hei léieren d'Jugendpompjeeën am Alter tëschent 6 a 16 Joer, déi elementar Grondkenntnisser vum Pompjees a Rettungswiesen op eng spilleresch Aart a Weis kënnen. Niewent reegelméissegen Übungen däerfen awer och Ausflich wei z.B d'Schlittschungfueren, een Ausfluch an d'Schwämm oder ee Jugendcamp vun ee puer Deeg net feelen.

Sollt dir Interesse hunn, bei eppes vun dëse Saache matzemaachen, dann zéckt net a mellt Iech bei deene jeeweilege Responsabelen.

**Kontakt**

Claude Kaufmann (Chef de centre CISUS)
621 192 016
claude.kaufmann@cgdis.lu

Christophe Hoffmann (President Amicale)
621 516 377
christophe@schrainer.lu

Christophe Theiß (Chef d'unité jeunes-pompiers)
621 619 238
christophe.theiss@cgdis.lu

Pompjeesfrënn Gemeng Useldeng

# Rippweiler Duerffrënn Asbl



D'Rippweiler Duerffrënn sinn 2014 gegrënnt gi fir d'Interesse an Traditioune vun engem klengen Duerf oprechtzeerhalen. Wichteg ass et, dass Leit sech begéinen, och wa kee Café oder Geschäft méi am Duerf ass, wou den Austausch méi einfach wier.

Dofir organiséiere mir di eng oder aner Aktivitéit an eisem klengen Duerf.

Sou maache mir zënter ville Joren eisen Trëppeltour „Nom Bësch un den Dësch".
D'Leit gi mat engem Trakter a Won un den Depart gefouert, trëppelen den Tour bis zum Apero, deen op enger gemittlicher Plaz an der Natur ass. De Schluss vum Tour ass ee gutt Mëttegiessen am Zelt beim Centre Culturel, wou lauter hausmaacher Delikatessen op iech waarden. Fir musikalesch Ambiance, gutt Iesse Gedrénks a Gesellegkeet ass ëmmer gesuergt.

Derniewent organiséiere mir och reegelméisseg een Ausfluch oder Iesse fir eis Memberen. Et ass eis einfach wichteg, dass ee flott Momenter zesumme verbréngt, sech begéint an austausche kann.





**Kontakt**


Remy Harpes

691 639 668

remy@harpes.lu

Duerffrënn Rippweiler

# Rippweiler Grott Asbl







Am Joer 1923 huet de Péitchen Theis vu Rippweiler eng Lourdesgrott a sengem Duerf opriichte gelooss, wëll et him duerch ee Juegdaccident net méi méiglech war fir op Lourdes ze pilgeren. Zënter hier gëtt all Joer de 15.August eng Mass op Léiffrawëschdag bei der Grott gefeiert.

1966 gouf eng Vereenegung mam Numm “Oeuvres Paroissiales de Rippweiler“ gegrënnt mat Sëtz zu Rippweiler.

D'Famill Theis huet dem Veräin d'Grott geschenkt, dësen huet als Zil den Opbau an d'Fërderung vun alle reliéisen, sozialen a karitative Wierker vun der Filial Rippweiler, souwéi all Aktivitéiten déi sech mat der Uschafung, Konstruktioun, Ënnerhalt a Verwaltung vun de Mobilien an Immobilien, besonnesch der Grotte befaassen.

D'Geschicht vun dësem „Monument" hu mir 2023 bei der Geleeënheet vun der Feier „100 Joer Rippweiler Grott" an engem Dokumentarfilm vun 30 Minutte festgehal, deen et sécher derwäert ass ze kucken. Dir kënnt de Film bei eis bestellen.

Donieft hu mir eng Rei méi oppen Aktivitéiten an der Rippweiler Kierch organiséiert, fir dëse Raum mat Liewen ze fëllen, säit hei kaum nach Masse gehal ginn: Friddensfeier, Meditatiounsmomenter, Jugendkräizwee an Zesummenaarbecht mat der KAD, Filmowender...

Sou wäerte mir och an Zukunft weider kleng Aktivitéite plangen, fir eist Duerf lieweg ze halen, Momenter ze schafen, wou Leit sech begéine kënnen.

Sidd dir interesséiert Noriichte vun eisen Aktivitéiten ze kréien oder an eisem Veräi matzeschaffen, da mellt iech gär bei eis.

Rippweiler Grott asbl

**Kontakt**

Marianne Harpes

691 494 728

marianne.harpes@gmail.com

# Rippweiler Jugend Asbl








Mir sinn d'Rippweiler Jugend asbl – klengt Duerf, grouss Stëmmung! Ob Sport, Evenementer, Grillen, Ausflich oder nëmmen zesummen am Clubsall Zäit verbréngen: Bei eis gëtt et ni langweileg.

Eis Missiounen:

- Spaass, Zesummenhalt a vill Geleeënheete fir sech zesummen ze ameséieren!
- Rippweiler Traditiounen erhalen: Buergbrennen, Meekranz, Grottefeier an de Kleeschen
- An natierlech: Rippweiler méi cool maache wéi et souwisou schonn ass

Egal ob s du nei Leit kenneléiere wëlls, dech engagéiere wëlls, nei Iddie wëlls matbréngen oder einfach nëmme Loscht hues dobäi  ze sinn – bei eis bass du genau richteg ab 15 Joer!

Komm laanscht, bréng gutt Laun mat, mir freeën eis ob dech!

Mell dech bei eis wann s de méi Informatioune wëlls oder einfach bis laanscht kucke komme wëlls!

RIPPWEILER JUGEND

**Kontakt**

Milena Schroeder (Presidentin)
621 659 704

rippjugend@gmail.com

Rippweiler Jugend Asbl

# Schandeler Duerffrënn Asbl

*Groussen Asaz fir ee klengt Dierfchen*

*Wie si mir?*

D'Schandeler Duerffrënn ass eng Vereenegung aus 5 Schandeler Awunner, déi säit 5 Joren Eventer zu Schandel organiséiert, bei deenen d'Awunner aus dem Duerf fir flott Momenter zesummekommen.
D'Aktivitéiten, déi organiséiert ginn, riichten sech un all d'Generatioune vun Awunner, déi an eisem Duerf präsent sinn, a sollen all d'Awunner aus dem Duerf zesummebréngen. Esou setzen sech d'Schandeler Duerffrënn och fir ee bessert Zesummeliewen tëschent den alen an neien Awunner vu Schandel an.

*Wat maache mir?*

D'Duerffrënn organiséiere ganz verschidden Eventer, déi op dat ganzt Joer verdeelt sinn. Déi eng Eventer fannen all Joer statt, anerer si méi punktuell.

- *De Meekranz*: all Joer organiséieren d'Duerffrënn en Trëppeltour an de Bësch wou Kanner an hir Elteren ee flotte Meekranz fir sech bastele kënnen. Traditioun ass et och ee risege Meekranz op d'Gebai vum Centre Culturel an der Duerfstrooss opzehänken.

- *D'Schandeler Kiermes*: De Weekend no Päischte gëtt dann de gréissten Event vum Joer op 2 Deeg organiséiert, d'Schandeler Kiermes op der Kierchplaz. Mat Gegrilltes, Gedrénks, Musek vun der Harmonie Useldeng, Spiller fir Kanner a richteg Fouerstänn fir Grouss a Kleng, kënnt dat ganzt Dierfche kuerz virum Summer op richteg Fouerstëmmung.

- *D'Visitt vum Kleeschen zu Schandel*: d'Schandeler Duerffrënn begleeden de Kleesche bei sengem Besuch zu Schandel vun Haus zu Haus, op Wonsch vun de Familljen.

- *Den Adventspatt*: kuerz viru Chrëschtdag, invitéieren d'Duerffrënn a flotter Chrëschtstëmmung hiert Duerf op ee gesellegen Owend virum Centre Culturel.






**Kontakt**

Schandeler Duerffrënn

# Senioreforum Useldeng

Am Kader vu sengen Aktivitéiten, fir a mat de Senioren aus der Gemeng Useldeng, gesäit sech de Veräin als Forum fir:

- d'Interessen an d'Uleies vun de pensionéierten an eeleren Matbierger a Leit mat enger Beanträchtegung ze vertriede géintiwwer de gesellschaftlechen a politeschen Uspriechpartner,
- de Memberen Animatioun, Dialog, Héllefsbereetschaft a Weiderbildung unzebidden,
- d'Räichhaltegkeet vun de kulturellen, traditionellen a sozialen Erfarungswäerter vun de Senioren u jénger Generatioune weiderzevermëttelen,
- de Generatiounendialog allgemeng ze férderen.



© Charles Reiser

SENIOREFORUM GEMENG USELDENG







**Kontakt**

Mady Wolff-Tholl (Presidentin)

621 197 934

wolma@hotmail.de

# The Northern Big Band



D'Northern Big Band (NBB) ass eng klassesch Jazz Big Band an ënnerhält säi Publikum mat original a mat neien Arrangementer vu bekannte Jazz a Big Band Standards.

D'NBB huet hiere Siège an der Useldenger Gemeng, eise Proufsall ass zu Iewerleng am Centre Culturel.

Dir sidd häerzlechst invitéiert een - oder gären och méi - vun eise Concerte lauschteren ze kommen. D'Terminer heifir fannt Dir ënnert „Concerts" op eiser Internetsäit nbb.lu.

Mir géifen eis op alle Fall freeën, iech ze begéinen an ze ënnerhalen.






**Kontakt**

www.nbb.lu

contact@nbb.lu

Northern BigBand

The Northern
Big Band

# Impressum

**Erausgi vun**
Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen Useldeng
&
Gemeng Useldeng

**An Zesummenaarbecht mat**
Veräiner a Kommissiounen vun der Gemeng Useldeng
&
Service Vivre Ensemble,
Syndicat Intercommunal “Kanton Réiden”

**Drock**
Autisme Luxembourg asbl

**Kontakt**
Christiane Harpes (Presidentin CCVEI Useldeng)
621 216 699
christiane.harpes@useldeng.lu

**Publikatiounsdatum**
September 2025

Deutsche Version
English Version
Version française